

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Opgrond vum schlechten Zoustand vun der Bréck zu Ell ass zënter laangem geplangt, dës Bréck ze renovéieren respektiv komplett ze erneieren. Allerdéngs schéngt dësen Dossier net richteg virunzegoen, soudass sech d'Leit méttlerweil Suergen ëm d'Stabilitéit an d'Sécherheet vun der Bréck maachen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Wou ass d'Planung vun der Erneuerung oder der Renovéierung vun der Eller Bréck fir de Moment drun?*
- Leien déi erfuerdert Autorisatioune schonn alleguer vir? Bis wéini ka spéitstens öffentlech ausgeschriwwé ginn?*
- Wéi héich gëtt de Käschtepunkt vun dësem Projet geschat?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu